LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82529

Réf.: 443/18

**Monsieur Fernand ETGEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 JUIL. 2018

Luxembourg, le 18 juillet 2018

**<u>Objet</u>:** Question parlementaire n° 3920 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3920 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank**

**Kann den Här Minister eis dës Informatioune bestätegen?**

De System « Sanitel », dee vun der Divisioun „Identification et Enregistrement des animaux" vun der Veterinärsinspektioun geréiert gëtt, huet als Aufgab, d'Halter vu verschiddenen Déierenaarten (Ranner, Schwäin, Schof a Geessen) z'enregistréiere grad wéi och d'Déieren, déi zu engem bestëmmte Moment an hirem Besëtz sinn. Dëse Service ass och zoustänneg fir d'Gestioun a Verdeele vun den Ouermarke souwéi de Rannerpäss, déi Bestanddeel si vun der Traçabilitéit vum Déier mee och vum Fleesch dat aus deenen Déiere gewonne gëtt.

Wat d'Ranneridentifikatioun ubelaangt, ass den neie Règlement grand-ducal der europäescher Reglementatioun ugepasst ginn. Eng grouss Ännerung vun dem Reglement besteet doranner, dass ab dem 1. Juli 2018 déi neigebuere Kaalwer 2 Ouermarken ukréie wouvunner eng elektronesch ass, dat heescht dës Ouermark ass mat engem Microchip ausgestatt, den et erlaabt, d'Sanitelsnummer mëttels Liesegerät elektronesch z'erfaassen.

**Wa jo, firwat si Baueren net iwwer dës Changementer a Kenntnis gesat ginn?**

Dës Changementer goufe per Communiqué vum Ministère via d'landwirtschaftlech Presse matgedeelt. Zousätzlech kritt all Bauer bei der Bestellung vun Ouermarken en Informatiounsblat matgeschéckt, dat des Neierung erläutert an déi néideg Erklärunge gëtt, wéi déi nei Ouermarken ze handhabe sinn.

**Wat geschitt wann ee Bauer bäi enger Kontroll elo net konform war?**

Vu dass et duerch de grousse logisteschen Opwand net méiglech war, bis den 1. Juli all Bauer mat den neien Ouermarken ze versuergen, an dëst no an no geschitt, si sämtlech Kontrollinstanzen ugewise bis Enn 2018 an dem Beräich keng Non-Konformitéiten ze notéieren an den Déierenhalter haaptsächlech op déi Neierung opmierksam ze maachen. Enn 2018 maache mir dann de Bilan vun der Aktioun a leeën déi weider Virgoensweis fest.

---